N°3498
Entrée le 21.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d’Ministere fir den Interieur, Justiz & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Vill verschidde Situatiounen kënnen zu engem Placement vum Kand féieren, wou de Placement ëmmer déi lescht Moossnahm ass, déi geholl gëtt. Am Kader vun enger rezenter parlamentarescher Fro n°3190 hunn d'Ministeren mer Zuehlen an Informatiounen zu de Signalementer a Placementer am Beräich vum Jugendschutz geliwwert.

Mengen Informatiounen no ass et an der Vergangenheet och schonn zu Placementer komm, opgrond dovunner, dass Familljen hir Wunneng verluer hunn an d'Elteren net direkt relogéiert kënne ginn. Dëst ass zum Beispill de Fall vu Locatairen bei engem Déguerpissement, wou dacks eng Persoun vum Office social präsent ass, déi d’Situatioun begleet an eng temporär Plazéierung organiséiert.

Fir déi betraffe Familljen bedeit dëst eng duebel Belaaschtung: Nieft dem Verloscht vun der Wunneng ginn si och temporär vun hire Kanner getrennt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann et zu engem Placement kommen, just doduerch, dass eng Famill hir Wunneng verléiert oder aus enger Wunneng erausgeheit gëtt (Déguerpissement)?
2. Geet de Verloscht vun der Wunneng duer oder mussen nach aner Krittären erfëllt sinn, déi de Placement vum Kand legitiméieren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

3. A wéi vill Fäll koum et an de leschte Joren zu enger Plazéierung vu Kanner (Mesures de garde provisoire du tribunal de la jeunesse) am Zesummenhang mat engem Déguerpissement oder Wunnengsverloscht vun den Elteren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth MARGUE, a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, op d'parlamentaresch Fro n° 3498 vum 21. Januar 2026 vum honorablen Députéierten Marc GOERGEN.**

1. **Kann et zu engem Placement kommen, just doduerch, dass eng Famill hir Wunneng verléiert oder aus enger Wunneng erausgeheit gëtt (Déguerpissement)?**

2. **Geet de Verloscht vun der Wunneng duer oder mussen nach aner Krittären erfëllt sinn, déi de Placement vum Kand legitiméieren?**

Wann eng Famill mat Kanner hir Wunneng verléiert oder aus enger Wunneng erausgehäit gëtt, kann dëst tatsächlech zu enger geriichtlech ugeuerdneter Ënnerbréngung vun de Kanner féieren. E Mannerjäregen, deen op der Strooss liewe muss, riskéiert am Sënn vum Artikel 7 vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwer de Jugendschutz a Gefor ze sinn. Obdachlosegkeet, mat all de Problemer déi domat erhierginn, huet en Afloss op d'kierperlech a mental Gesondheet, d'Bildung an d'Entwécklung vum Kand.

Dëst gëtt awer ëmmer am Eenzelfall gekuckt an entscheet, sou dass eng eventuell Plazéierung vun engem Kand, wat seng Trennung vun der Famill mat sech bréngt, ëmmer als lescht Mëttel ugesi gëtt, wa keng aner Léisung mat Hëllef vun de soziale Servicer fonnt ka ginn. Ier eng Plazéierung ugeuerdnet gëtt, probéiert de Jugendriichter ëmmer iwwer de SCAS d'Gemengen ze mobiliséieren, fir eng Noutwunneng oder aner temporär Léisungen, z.B. Hoteller ze fannen, fir d'Plazéierungsmoossnam ze vermeiden.

Wann d'Plazéierung trotzdeem decidéiert gëtt, ass de Manktem un Ënnerkonft an de meeschte Fäll net deen eenzege Grond fir dës geriichtlech Schutzmoossnam. Dacks sinn aner Problemer domat verbonnen, wéi psychiatresch Problemer bei den Elteren, Vernoléissegung vum Kand, Erzéiungsschwieregkeeten oder Gewalt.

3. **A wéi vill Fäll koum et an de leschte Joren zu enger Plazéierung vu Kanner (Mesures de garde provisoire du tribunal de la jeunesse) am Zesummenhang mat engem Déguerpissement oder Wunnengsverloscht vun den Elteren?**

Den informatesche System, dee fir d'Gestioun vun den Dossieren bei de Justizautoritéiten benotzt gëtt, erlaabt et net, d'Dossieren a Funktioun vum Grond vun engem Placement ze selektionéieren, sou datt et net méiglech ass, déi gefroten Zuelen präzis ze liwweren. Allerdéngs kann ee soen, datt esou Fäll zimmlech rar sinn, well dacks mat Zäit eng Léisung fir eng nei Wunneng fonnt gëtt oder d'Famill an d'Ausland plënnert an d'Kanner sou der Kompetenz vun de lëtzebuergesche Geriichter entzitt. Ausserdeem, wéi uewen uginn, ass et extrem rar, datt e Kand nëmmen aleng wéinst enger Expulsioun placéiert gëtt. D'Ursaachen fir eng geriichtlech Plazéierung si bal ëmmer multifaktoriell.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue